fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

28.04.2023

World Scout Jamboree 2023 KOREA - Luxembourg Contingent Newsletter 7

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Léif Participant'en, Chef an IST,

an dësser Newsletter fannt dir e Rappell zum Aschécke vun ären Dokumenter an dir hutt d'Méiglechkeet Foulard'en a Badge nozebestellen.

fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Bestellung Badgen a Foularde:

Jiddereen deen sech beim Lëtzebuerger Contingent fir de WSJ ugemellt huet kritt vun eis 2 Contingent-Foularde, 2 Badgen „Zelt" an 2 Badgen „roude Léiw".

Badge 2: Roude Léiw

Badge 1: Zelt

Et besteet awer d'Méiglechkeet méi **Badger (6 Euro d'Stéck)** an **Foularde (15 Euro d'Stéck)** nozebestellen. Mir hunn hei en limitéierte Stock an et gëllt – **first come, first served!**

Wéi kann ech eng Bestellung maachen?

Du kanns dir individuell Badger a Foularde bestellen andeems du **folgende forms ausfëlls AN deng Unzuel u Badger/Foularde un eis bezills.**

Ab dem 1. Mee 2023 geet de forms fir Bestellung op:
https://forms.office.com/e/DMWt0wVgMn

Bezuelung **mat der Kommunikatioun:** „Numm+Virnumm vum Participante, Unzuel Badge 1, Unzuel Badge 2, Unzuel Foularde"

Bezuelung op folgende Konto:

Titulaire: LGS Jamboree 2023

Bic: BILLLULL

LU09 0025 1828 0388 7700

Bestellunge lafe **bis den 20. Mee 2023**. Just wann dir de forms ausgefëllt hutt AN virun der Deadline bezuelt hutt ass är Bestellung komplett an dir kritt nom 20. Mee d'Bestätegung an d'Informatiounen zum Ofhuelen vun der Bestellung. **Hei gi KENG Ausnahme gemaach: Just komplett Bestellungen (forms+Iwwerweisung) sinn accordéiert an all Bezuelung nom 20. Mee ass ze spéit!**

RAPPELL Aschécken Dokumenter:

Wéi an der leschter Newsletter erkläert an um Prépa Weekend däitlech widderholl ass d' Ausfëlle vu folgende Formulairen an d'Weiderleeden un de CMT **obligatoresch** an eng Viraussetzung mam Lëtzebuerger Kontingent a Korea ze reesen.
Um Prépa Weekend hunn bei ville Léit Saache gefeelt an dir krut dëst matgedeelt. Mir bieden iech déi feelend Dokumenter **ELO** anzereechen.

Iwwer E-Mail un cmt@wsj2023.sil.lu an bei jidderengem wou Autorisation parentale feelt un FNEL, c7o Claude Kuffer, 61a rue des Trèves, L-2630 Luxembourg **(hei brauche mir d'Original!)**

Als Rappell: Den Dossier besteet aus fiche médicale, autorisation parentale, k-ETA Bestätegung an Fotokopie vum Pass, der CNS-Kaart an Impfpass.

Ausbléck (final) Newsletter 8:

Et gouf vill Umierkungen a Réckfroen, dofir hei nach emol déi momentan bekannten Informatiounen zur Rees a Korea:
Den Départ fir alleguer d'IST ass den **28.7.2023**, fir Participante a Chef den **31.7.2023**.
An béide Fäll fuere mir **Moies zu Lëtzebuerg** fort.

De Retour ass fir déi wou net mat op d'Norees ginn den **12.8.2023 nomëttes** a fir déi wou mat op d'Norees ginn den **18.8.2023 owes**.
Genau Auerzäiten, den Treffpunkt an Detailer zum Vol ginn Enn Juni/Ufank Juli an enger Newsletter bekannt. **Aus organisatoresche Grënn ass dëst éischter net méiglech.**

Zu dësem Zäitpunkt wäert och eng detailléiert Materialslëscht rausgoen. Generell gëllt awer, dass een alles brauch fir en Alldag um Camp am Zelt bei Temperaturen tëscht (min) 21 °C an (max) 36 °C.

Lost and Found Prépa Wekeend:

Folgend Sachen sinn zu Mondorf um Prépa Weekend léien bliww a warden an der FNEL op hiere Besetzer. For Ofhuelen mëllen ënnert office@fnel.lu

fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Méi Informatiounen iwwert de Lëtzebuerger Contingent (Team a Kontaktdaten) an den Jamboree 2023 fannt dir ënnert : https://wsj2023.sil.lu

Whatsapp: https://chat.whatsapp.com/FLMJEvF0RQu08uDbDukghM
Facebook
Instagram

Bei weideren Froen, zéckt net eise ze kontaktéieren ënnert: cmt@wsj2023.sil.lu

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,
Fir de Lëtzebuerger Contingent,
Pit & Tahr
Heads of Contingent